PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/11/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.

D'Psychologiestudente vun der Uni.lu goufen dëse September informéiert, datt de Bachelor- a Masterstudium de Prädikat "of Science" verléiert, wat bei de Studenten, de Studiendirekteren an den Experten zu grousser Veronsécherung féiert. D'Héichschoulministesch argumentéiert, datt dëst op Basis vum Héichschoulgesetz vun 2023 geschitt, well den "of Science" Prädikat net an der Lëtzebuerger Nomenklatur virgesinn ass.

Dobäi huet eis Uni.lu sech an deene leschte Joren e weltwäit Renommée opgebaut a grad de Psychologiestudium zitt eng grouss Zuel un internationale Studenten un. De Wiessel vum Numm ka vun auslännesche Studenten oder Experten als Ofwäertung vum Studium interpretéiert ginn. Den "of Science"-Prädikat ënnersträicht déi wëssenschaftlech a riguréis Approche, déi Psychologiestudente wärend hirem Studium léieren. D'Situatioun gëtt duerch d'Ëmsetzung nach méi verworren, well verschidden Dokumenter de Prädikat nach opweisen, anerer net méi.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat gouf dës Entscheedung grad elo geholl, wou den "of Science" Zousaz scho säit 2019 um Diplom steet - nodeem d'Nomenklatur (28. Oktober 2016) an d'Universitéitsgesetz (27. Juni 2018) schonn a Kraaft waren?

2. Wéi steet d'Ministesch zu der Ausso vun den Experten, datt dës Ännerung eng Ofwäertung vum Studium duerstellt a potentiell negativ Konsequenze fir d'Unerkennungen am Ausland kéint hunn?

3. Firwat gëtt de Prädikat "of Science" verbueden, wa laut Ministère dësen net explizit am Gesetz verbueden ass?

4. Wéi erkläert d'Ministesch d'Inkohärenz an der aktueller Ëmsetzung:
    - Firwat steet den "of Science" nach am Modulhandbuch 2024/2025?
    - Firwat gouf de Prädikat beim Bachelor "attestations de réussite" bäibehalen awer beim Master gestrach?
    - Wéi eng Garantie hunn d'Studenten, déi virum Wantersemester 2024 ugefaangen hunn, datt hire Prädikat erhale bleift?

5. Ass d'Ministesch sech bewosst, datt dës Entscheedung d'international Visibilitéit vun derUni.lu an d'Attraktivitéit fir auslännesch Studente ka beaflossen? Gouf eng entspriechend Impakt-Analys gemaach?

6. Wéi eng Prozedur gouf festgeluecht fir ze garantéieren, datt d'Studenten op Basis vum "diploma supplement" eng adequat Unerkennung vun hirem Studium kréien? Garantéiert d'Ministesch datt dëst international genau esou akzeptéiert gëtt wéi de Prädikat "of Science"?

7. Wéi eng Mesuren si virgesinn, fir déi aktuell Studenten ze ënnerstëtzen déi elo eventuell zousätzlechen Opwand musse bedreiwe fir hir wëssenschaftlech Qualifikatioun nozeweisen?

8. Gouf de Conseil de l'Université zu dëser Fro consultéiert?
    - Falls jo, wat war hir Positioun?
    - Falls nee, firwat net?

9. Gedenkt d'Regierung d'Lëtzebuerger Nomenklatur unzepassen, fir se méi kompatibel mat internationale Standarden ze maachen? Falls nee, firwat net?

10. Am Artikel gëtt erwäänt datt d'Uni reegelméisseg op d'Nomenklatur opmierksam gemaach gouf - kann d'Ministesch präziséiere wéini a wéi dëst geschitt ass?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten